ren erstrecke géingen, huet de Schäfferot Gespräicher mam betraffene Besëtzer gefouert fir sech gemeinsam z'arrangéieren. An dësem Sënn geneemegt de Schäfferot mat 6 Stëmme dofir an zwou Stëmme dergéint d'Entscheidung, op en Deel vum Virkafsrecht ze verzichten. Méi Informatiounen am nächste Punkt.

#### 10. Geneemegung vun zwee Notairesakten

- a) Op Basis vun der Entscheidung vum Gemengerot vum 29. September 2022 an der Entscheidung ënnert dem Punkt 9, geneemegt de Gemengerot mat 7 Stëmme an enger Enthaltung d'Ausübung vun engem Virkafsrecht op enger Parzell zu Éileng, „Auf den Quaerten“, Ackerland, vun enger Gesamtfläch vun 49 Ar a 70 Zentiar. Den Uschafungspräis beleeft sech op 49.700 €. Den Notairesakt gouf den 13. Dezember 2022 ënnerschriwwen.
- b) D'Firma CREOS huet um Schoulcampus en Traffo installéiert, deen hinne fräien Acces garantéiert, daagsiwwer wéi nuets. Well dat betraffent Gebai der Gemeng gehéiert, muss der Firma CREOS eng Servitude geneemegt ginn. De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Constitutioun vun dëser Servitude.

#### 11. Projet Centre Intégré pour Personnes Âgées CIPA zu Wickreng – Prinzipienentscheidung – Bau an Exploitatioun

Momentan beleet d'Gemeng Reckeng op der Mess 8 Better am CIPA Waassertrap zu Bieles. Well dës Unzuel u Better vill ze kleng ass géigeniwwer der Demande vu Matbierger, déi een Zëmmer an engem CIPA beleëe wëilten, schléit de Schäfferot vir esou eng Struktur zu Wickreng, „Im Grossfeld“ a „Rue des Trois Cantons“ ze bauen. De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Prinzip vun dësem Bau, andeems e follgend Virschléi festhält:

- Dëse Projet am Ofkommen mat aneren öffentlechen a private Partner ze realiséieren;
- Aus wirtschaftleschkeets- a gesellegkeetgrënn soll dës Struktur tëschent 120 an 140 Bierger empfänke kënnen;
- En Deel vun den Empfanksplaze fir méi mobil Leit reservéiere fir encadréiert Wunnengen ze realiséieren;
- Eng Maachbarkeetsstudie realiséieren iwwert d'Integratioun vun enger Crèche an och vu Klasesäll/Formatiounen fir d'Gesondheitsberuffer am Gebai vum CIPA.

#### 12. Geneemegung vun „Leitbild Klimapakt 2.0“

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'„Leitbild Klimapakt 2.0“, dee vum Klimateam vun der Gemeng Reckeng op der Mess an Zesummenaarbecht mam Oeko Bureau ausgeschafft gouf. D'Konventioun vun dësem Vertrag gouf an der öffentlecher Sëtzung vum Gemengerot vum 22. Juli 2021 geneemegt, well déi spezifesche Ëmsetzungen am Klimaberäich en Aktionsplang brauchen, deen aus dem „Leitbild“, enger genereller, konzeptueller Visioun, entsteet.

#### 13. Geneemegung vun enger Konventioun mam Roude Kräiz

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun, déi tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an dem Lëtzebuurger Roude Kräiz ënnerzeechent gouf. Si fixéiert d'Modalitéite fir d'Bereetstellung vu Mataarbechter, déi déi néideg Kompetenzen hu fir op déi spezifesche Bedierfnisser vun de Servicë vum Roude Kräiz am Kader vun de „Fräizäitaktivitéiten“ anzegeen. Sait der Schoulrennée 2021/2022 proposéiert d'Gemeng de Grondschoukanner dës Aktivitéiten. Si ersetze sait deem déi traditionell Optiounscoursen.

#### 14. Geneemegung vun dräi Déngschtkontrakter

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dräi befrist Déngschtkontrakter fir d'Personal vun de Fräizäitaktivitéite fir d'Kanner aus der Reckenger Grondschoul. (cf. Punkt 13)

#### 15. Fixatioun vun enger fräier Nuecht

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Verlängerung vun den Öffnungszäite bis dräi Auer an der Nuecht fir all Wiertschaft um Territoire vun der Gemeng, dëst an der Nuecht vu Samschdes, dem 18. Mäerz op Sonndes, dem 19. Mäerz 2023. An dëser Nuecht organiséiert de Comité à la culture eng grouss Fuesparty a sou kann all Wiertschaft vun de selwechte Virdeeler profitéieren.

#### 16. Bëschkierfecht „Op Diedenuëcht“ – Geneemegung vun dräi temporäre Konzessiounen

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dräi temporär Konzessiounen um Bëschkierfecht „Op Diedenuëcht“.

#### Zousazpunkt:

#### Geneemegung vun engem Subside fir d'Affer vum Äerdbiewen an der Tierkei an a Syrien

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuule vun engem Subside vun insgesamt 2.500 € fir ONGen, déi den Affer vum Äerdbiewen an der Tierkei an a Syrien zur Hëllef kommen.

#### 17. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Freedefeierverbuet, d'Luuchtbeschmutzung ronderëm de Centre de Rencontre zu Éileng an eng eventuell Busverbindung tëschent Lampech an Dippech-Gare.

#### Huis-Clos-Seance:

D'Punkten 18 an 19 betreffen d'Gemengepersonal a goufen dohir an enger Huis-Clos-Seance behandelt.

## Séance du conseil communal du 30 mars 2023

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

### 1. Informations du collège échevinal

- Le 10 février 2023 ont eu lieu des tests pratiques dans le cadre du recrutement d'un nouveau collaborateur au sein du service des eaux de l'atelier communal. Deux candidats se sont tout particulièrement distingués et le candidat sur lequel le choix du collège échevinal s'est porté a intégré l'atelier communal le 1<sup>er</sup> mars 2023.
- Le 22 février 2023 a eu lieu une entrevue avec les collèges échevinaux des communes de Reckange-sur-Mess, Dippach et Mondercange, dans le cadre de la future construction d'un CIPA à Wickrange. Les discussions n'ont cependant pas abouti à un consensus. Affaire à suivre donc.
- Dans le même ordre d'idées, le collège échevinal a conduit une entrevue informelle avec le directeur du HPPA (Homes pour personnes âgées) pour un échange d'idées.
- Toujours dans le cadre de la construction du CIPA, le collège échevinal a présenté ce projet dans les locaux du Ministère de la Famille. Le collège a été informé de la création de 3.000 lits supplémentaires d'ores et déjà prévue au niveau national qui, ayant lieu dans un futur proche, remettrait en question la pertinence d'une nouvelle structure pour personnes âgées à Wickrange. Le Ministère de la Famille nous a également informé du fait que le concept du « logement encadré » ne serait plus subventionné par des aides étatiques. Le collège échevinal de la commune de Reckange-sur-Mess est donc tenu à peaufiner son concept.
- Le collège échevinal s'est entretenu avec le CGDIS dans le cadre de la couverture sonore de ses sirènes sur le territoire communal. Ces sirènes, retentissant en cas d'incident nucléaire, sont testées tous les premiers lundis du mois. Certains habitants de la commune déclarent ne pas les entendre sonner. Le collège échevinal a communiqué au CGDIS des endroits pour l'installation de sirènes supplémentaires. Le CGDIS dispose de méthodes de mesurage pour en confirmer l'emplacement correct. Les frais de ces installations sont à charge de la commune.
- Le 16 mars 2023 a eu lieu une réunion de l'équipe «Pacte Nature». Veuillez trouver des informations supplémentaires à ce sujet au point 7.
- À vos calendriers :
  - Le 12 avril 2023, dernier délai, les citoyens reckangeois pourront déposer leur candidature pour les listes électorales communales du 11 juin 2023. Le dépôt aura lieu à la maison communale entre 15.00 et 18.00 heures.
  - Le 21 avril 2023 aura lieu un grand marché de printemps au Centre Culturel Pëtzenhaus et dans le jardin pédagogique scolaire, organisé par le corps enseignant.
  - Le 4 mai 2023 aura lieu une réunion de travail du conseil communal portant sur le plan d'action locale dans le cadre du Pacte Logement 2.0. Ce « PAL » sera voté le 25 mai 2023 lors de la séance publique du conseil communal.
  - Le 23 mai 2023 aura lieu la traditionnelle Journée des bourgmestres à Mondorf-les-Bains.
  - Le 24 mai 2023 aura lieu une visite guidée du jardin pédagogique en compagnie de Madame la Ministre de l'Environnement Joëlle Weltring, Monsieur le Ministre de l'Éducation Nationale Claude Meisch et Monsieur le Ministre de l'Agriculture Claude Haagen.
  - Le 24 mai 2023 aura lieu le vernissage de l'œuvre d'art qui viendra orner le hall de la maison communale.
  - Le 25 mai 2023 aura lieu la toute dernière réunion publique du conseil communal de cette législature.

### 2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

### 3. Approbation de devis extraordinaires

- a) En vue de suffire aux conditions de certification et de témoigner de sa volonté de protéger le climat par l'utilisation des eaux pluviales, le conseil communal approuve à l'unanimité un devis à hauteur de 30.000 € prévoyant l'installation d'une cuve de récupération d'eau à l'atelier communal. Dans une première phase, l'eau collectée sera utilisée par le service de jardinage pour arroser les espaces verts de la commune de Reckange-sur-Mess.
- b) Etant donné que les installations sanitaires de l'atelier communal, plus particulièrement du bâtiment des anciens sapeurs-pompiers, n'ont plus subi de transformation depuis 30 ans et ne disposent pas de séparation de locaux hommes/

- femmes, le conseil communal approuve à l'unanimité un devis à hauteur de 30.000 € prévoyant ces travaux de transformation.
- c) L'administration des Ponts et Chaussées prévoit un réaménagement complet d'une partie de la N13 à Wickrange, plus particulièrement à partir du rond-point de Pontpierre jusqu'à hauteur de la rue du Bois à Wickrange. Il est proposé de s'associer à ce projet en prévoyant la pose d'une nouvelle conduite d'eau potable de chaque côté de la voirie. Le conseil communal approuve à l'unanimité un devis à hauteur de 225.000 € prévoyant ces travaux, qui sera imputable au budget extraordinaire des exercices 2023 et 2024.
- d) Le Pacte Climat 2.0 exige des efforts quant à l'amélioration continue de la sobriété énergétique de la commune. Depuis le 1<sup>er</sup> novembre 2022, la commune de Reckange-sur-Mess procède à une extinction nocturne de l'éclairage de la voirie publique. De plus, Monsieur le bourgmestre propose de remplacer l'éclairage public existant par de l'éclairage LED. À cet effet, le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par le service technique s'élevant à 200.000 €.

#### 4. Approbation d'un morcellement


Le conseil communal approuve à l'unanimité le morcellement d'une parcelle à Ehlinge en vue de rectifier l'alignement en avant de la limite parcellaire le long de la route des Trois Cantons afin d'y construire une maison d'habitation plurifamiliale.

#### 5. Décision quant à la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier «Op de Quäärtten» à Ehlinge, pour le compte de la Commune de Reckange-sur-Mess. Le projet a suivi la procédure légale de publication et endéans le délai imparti, aucune objection n'a été présentée au collège échevinal.

#### 6. Approbation d'un règlement temporaire de la circulation

Le conseil communal approuve à l'unanimité un règlement temporaire de la circulation supplémentaire concernant l'intersection de la rue Centrale avec la rue de Reckange à Limpach, où des travaux pour la pose de réseaux souterrains sont réalisés par les entreprises



Post et CREOS. En effet, des imprévus nécessitent une prolongation du chantier initialement réglementé par un règlement temporaire de la circulation du collègue échevinal, obligeant une confirmation du conseil communal du nouveau règlement temporaire de la circulation.

## 7. Pacte Nature

### a) Stratégie pour la protection de la nature et de l'eau de la commune de Reckange-sur-Mess

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'adoption d'une stratégie pluriannuelle pour la protection de la nature et de l'eau selon les prescriptions du document «Aide à l'évaluation et à la mise en œuvre - Version 4.2 du 22 novembre 2022» mandaté par le Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable et par la Klima-Agence. Cette stratégie inclut les plans d'actions prioritaires relatifs aux milieux urbains, ouverts, aquatiques et forestiers, intégrant de nombreuses mesures du catalogue du Pacte Nature.

### b) Nouvelles plantations communales en milieu urbain de la commune de Reckange-sur-Mess

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'adoption d'un choix concernant les espèces végétales admises pour les nouvelles plantations communales en milieu urbain, sur les propriétés de la commune. Sont concernées les surfaces urbanisées ou celles destinées à être urbanisées dans le cadre du PAG. Y sont admis des arbres, haies et arbustes indigènes et du matériel végétal régional certifié.

### c) Concept de communication afin d'informer et de sensibiliser les citoyens

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'introduction d'un concept de communication afin d'informer et de sensibiliser ses citoyens sur les thématiques de la protection de la nature et de l'eau ainsi que celle du développement durable.

## 8. Finances communales

### a) Décision sur un crédit nouveau

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription d'un crédit nouveau au budget ordinaire de l'exercice 2023 à hauteur de 80.000 € permettant de couvrir les frais liés à l'achat et à la production de repas pour le service restauration de la nouvelle maison relais.

### b) Décision sur deux augmentations de crédits existants

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'inscription d'une recette et d'une dépense au budget extraordinaire de l'exercice 2023, à chaque fois de 2.526.400 €, permettant l'échange de terrains à Ehrlange contre des terrains à Wickrange. L'échange en question porte essentiellement sur un agrandissement d'un terrain existant et appartenant à la commune, sur lequel sera implanté le futur centre intégré pour personnes âgées permettant ainsi l'aménagement des alentours du CIPA. La valeur de l'ensemble des terrains à échanger est estimée à 2.526.400 €.

## 9. Approbation de la convention tripartite 2023 pour la Maison Relais

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention couvrant la période de financement de la Maison Relais de Reckange-sur-Mess, allant du 1<sup>er</sup> janvier au 31 décembre 2023. Les frais totaux s'élèvent à 952.828 € dont 25% sont financés par la commune de Reckange-sur-Mess et 75% par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

## 10. Croix-Rouge luxembourgeoise – approbation d'une convention de financement

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec la Croix-Rouge luxembourgeoise, prévoyant les dispositions détaillées de gestion financière de la Maison des Jeunes et particulièrement la participation intégrale aux frais de personnel d'un éducateur diplômé à raison de 20 heures par semaine. Cette convention à durée indéterminée prendra effet le 1<sup>er</sup> mai 2023.

## 11. Nouvelle fixation du prix de vente pour les repas sur roues

Le conseil communal approuve à l'unanimité l'augmentation du prix du repas sur roues à 12,62 € par repas fourni à partir du 1<sup>er</sup> avril 2023. Les frais de transport seront à charge de la commune.

## 12. Modification du règlement général de police

Le conseil communal approuve à 8 voix et une voix contre une modification du règlement de police général. Désormais, il sera interdit de faire usage de pétards, feux d'artifice et autres objets détonants sur le territoire de la commune. De plus, toute garde de plus de deux chiens par habitation ne sera plus soumise à une autorisation spéciale de la part de l'Administration Communale.

## 13. Création d'un poste de fonctionnaire communal

Le conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un poste sous le statut du fonctionnaire communal dans la catégorie C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif pour les besoins du bureau de la population.

### 13a. Divers (question au collège échevinal)

En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment l'amélioration de l'acoustique du hall du Centre Culturel Pëtzenhaus, la saleté autour des chantiers dans la commune, l'organisation de la Fête populaire de la Veille de la Fête Nationale et le début des travaux du rond-point ovale à Wickrange

### Séance à huis clos:

Les points 14 et 15 concernent des affaires du personnel et sont donc traités à huis-clos.

## Sétzung vum Gemengerot vum 30. Mäerz 2023

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

### 1. Informatiounen vum Schäfferot

- Den 10. Februar 2023 hunn eng Rei praktesch Tester stattfonnt, am Kader vun der Astellung vun engem neien Aarbechter fir de Waasserdéngscht. Zweek Kandidaten hu sech erauskristalliséiert an dee Kandidat, op deen de Choix vum Schäfferot gefall ass, huet den 1. Mäerz 2023 am Gemeengenatelier ugefaangen.
- Den 22. Februar 2023 huet eng Entrevue mat de Gemengeréit vun der Gemenge Reckeng op der Mess, Dippech a Monnerech stattfonnt, am Kader vum zukünftege Bau vun engem CIPA zu Wickreng. D'Diskussiounen hunn allerdéngs kee Konsens erreicht. *Affaire à suivre.*
- Am selwechte Gedankegang huet de Schäfferot sech an enger informeller Reunion mam Direkter vum HPPA (Homes pour personnes âgées) ënnerhalen an Iddien ausgetosch.
- Am selwechte Kader huet de Schäfferot dese Projet beim Familljeministère virgestallt. Dem Schäfferot gouf matgedeelt, dass an noer Zukunft 3.000 nei Better landeswäit kreéiert wäerte ginn, wat d'Pertinenz vum Bau vum CIPA zu Wickreng a Fro stellt. De Familljeministère huet eis och informéiert, dass d'Konzept „Betreit Wunnen“ an Zukunft net méi staatlech subventionéiert gëtt. De Schäfferot vun der Gemeng Reckeng op der Mess muss also virun un der Elaboratioun vu sengem Konzept schaffen.
- De Schäfferot huet sech mam CGDIS iwwert d'Alarmsireenen ënnerhal, déi am Fall vun engem nuklearen Onfall lauden. Verschidden Awunner hunn uginn, dass si d'Sireenen net héiere wa si getest ginn. De Schäfferot huet dem CGDIS also zousätzlech Plazen uginn, wou Sireene kéinten installéiert ginn. De CGDIS huet déi néideg Moossinstrumenter, fir déi passend Emplacementer ze bestätegen. D'Käschten, déi mat diesen Installatiounen verbonne sinn, gi vun der Gemeng iwwerholl.
- De 16. Mäerz 2023 huet eng Reunion vum „Naturpakt-Team“ stattfonnt. Méi Informatiounen zu deem Thema fannt Dir ënnert dem Punkt 7.
- Fir an d'Kalenner:
  - Den 12. Abrëll 2023 hunn eis Matbierger, déi sech als Kandidaten fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023 opstelle wëllen, déi lescht Geleeënheet fir dëst ze maachen. D'Kandidature gi vu 15.00 bis 18.00 Auer op der Gemeng entgéintgehall.
  - Den 21. Abrëll 2023 fënnt e grouse Fréijoersmaart am Centre Culturel Pëtzenhaus an am Reckenger Léiergaart statt. Dës Ma-

nifestatioun ass vum Reckenger Léierpersonal organiséiert.

- De 4. Mee 2023 fënnt eng Aarbechtssétzung vum Gemengerot statt zum Thema Plan d'Action Locale am Kader vum Pacte Logement 2.0. Iwwert dese PAL gëtt de 25. Mee 2023 an der ëffentlecher Sétzung vum Gemengerot ofgestëmmt.
- Den 23. Mee 2023 fënnt den traditionelle Buergermeeschterdag zu Munneref statt.
- De 24. Mee 2023 fënnt eng Visite guidée vum Reckenger Léiergaart statt, zesumme mat der Madamm Ëmweltministesch Joëlle Welfring, dem Här Educatiounsminister Claude Meisch an dem Här Landwirtschaftsminister Claude Haagen.
- De 24. Mee 2023 fënnt de Vernissage vum Konschtwierk am Hall vum Reckenger Gemengenhaus statt.
- De 25. Mee 2023 fënnt déi lescht ëffentlech Sétzung vum Gemengerot vun dieser Legislaturperiod statt.

### 2. Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssétzung

De Gemengerot geneemegt eestëmmege de Rapport vun der leschter Gemengerotssétzung.

### 3. Geneemegung vun dräi extraordinären Devisen

- a) Reewaasser notzen hëlleft d'Ëmwelt ze schützen. Fir deem gerecht ze gi geneemegt de Gemengerot eestëmmege en Devis vun 30.000 €, deen d'Installatioun vun engem Reewaasserbaseng beim Gemeengenatelier virgesäit. An enger éischter Phas soll dat opgefaange Waasser de Gärtner beim Nätzen vun de Gréngflächen an der Gemeng déngen.
- b) Well d'sanitär Installatiounen am Atelier, a speziell déi aus dem ale Pompjesbau, zënter 30 Joer net méi erneiert goufen an et och keng Männer/Fraen-Oftrennung gëtt, geneemegt de Gemengerot eestëmmege en Devis vun 30.000 €, deen d'Käschte vun diesen Embaumarbechten deckt.
- c) D'Ponts & Chaussées hunn eng komplett Neigestaltung vun der N13 zu Wickreng virgesinn, tëschent dem Kreesverkéier zu Steebrécken an der Rue du Bois. Et gouf virgeschloen, sech deemem Projet unzeschleissen an eng nei Drénkwaasserleitung op béide Säite vun der Strooss ze bauen. Fir des Aarbechte geneemegt de Gemengerot eestëmmege en Devis vun 225.000 €, deen dem extraordinäre Budget 2023 an 2024 zougerechent gëtt.

- d) De Klimapakt 2.0 verlaangt gewësse Beméiunge fir op Gemengenniveau Energie ze spueren. Sait dem 1. November 2022 mécht d'Gemeng schonn nuets d'Stroossebeliichtung aus. Doriwwer eraus schléit den Här Buergermeeschter vir, déi bestoend Stroosseluuchten duerch LED-Beliichtung z'ersetzen. Fir d'Käschte vun dësen Aarbechten ze decke geneemegt de Gemengerot en Devis vun 200.000 €.

#### 4. Geneemegung vun engem Morcellement

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Morcellement vun engem Terrain zu Éileng. Déi viischt Ausrichtung vun der Grondstécklimit laanscht d'Dräikantonsstrooss kann doduerch ausgebessert ginn an et kann e Méifamiljenhaus op der Parzell gebaut ginn.

#### 5. Entscheidung iwwert d'punktuell Ännerung vun engem PAP

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi punktuell Ännerung vum PAP „Op de Quäärten“ zu Éileng, fir de Kont vun der Gemeng Reckeng op der Mess. De Projet huet déi legal Verëffentlechungsprozeduren agehalen an innerhalb vun dëser Zäit goufen dem Schäfferot keng Objektivitéit iwwermëttelt.

#### 6. Geneemegung vun engem temporäre Verkéiersreglement

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en zousätzlecht temporäert Verkéiersreglement fir d'Kräizung vun der Rue Centrale mat der Rue de Reckange zu Lampech, wou momentan Réseausaarbechte vun de Firmae Post a CREOS stattfannen. Well et zu Imprevue kouw muss deen initial reglementéierte Chantier verlängert ginn. An deem Sënn muss de Schäfferot en zousätzlecht temporäert Verkéiersreglement stëmmen.

#### 7. Naturpakt

##### a) Natur- a Waasserschutzstrategie fir d'Gemeng Reckeng op der Mess

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Adoptioun enger laangfristeger Natur- a Waasserschutzstrategie op Basis vun de Virschreiwunge vum Dokument „Aide à l'évaluation et à la mise en œuvre - Version 4.2 du 22 novembre 2022“, dat vum Ëmweltministère a vun der Klima-Agence mandatéiert gouf. Dës Strategie beinhalt prioritär Aktiounspläng bezüglech den urbanen an oppene Raim, de Bësch a Gewässerraim an integréiert eng grouss Partie vu Moossnamen aus dem Naturpakt-Katalog.

##### b) Nei Beplanzungen am urbane Raum vun der Gemeng Reckeng op der Mess

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Adoptioun vun engem Choix vun zougeloossene Planzenarten fir zukünfteg Beplanzungen am urbane Raum, op Grondstécker vun der Gemeng. Betrifft sinn urbaniséiert Iwwerflächen a Flächen, déi am Kader PAC nach urbaniséiert solle ginn. Hei gi just eenheemech Beem, Hecken a Straicher an zertifizéiert regional Naturbaustoffer ausgewielt.

##### c) Kommunikatiounskonzept fir d'Sensibiliséierung vun de Bierger

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Aféierung vun engem Kommunikatiounskonzept fir d'Informatioun an d'Sensibiliséierung vun de Matbierger zum Thema Natur- a Waasserschutz an nohalteg Entwécklung.

#### 8. Gemeengefinanzen

##### a) Entscheidung iwwert en neie Kredit

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Inscriptioun vun engem neie Kredit vun 80.000 € um ordinäre Budget vum Joer 2023, mat deem d'Käschte vum Kaf a vun der Produktioun vu Molzechten am Service Restauratioun vun der neier Maison Relais gedeckt ginn.

##### b) Entscheidung iwwert zwou Erhéijunge vu bestoende Kreditter

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Inscriptioun vun enger Recette a vun enger Depense vu jee weils 2.526.400 € um extraordinäre Budget vum Joer 2023, deen den Tosch vun Terrainen zu Éileng mat Terrainen zu Wickreng erméiglecht. Dësen Tosch wäert d'Vergréisserung vun enger bestoender Gemeengeparzell zu Wickreng erméiglechen, am Kader vun der Implantatioun vum zukünftege CIPA a senge Gréngflächen. De Gesamtwäert vun den Terrainen, déi ausgetosch ginn, gëtt op 2.526.400 € geschätzt.

#### 9. Geneemegung vun der Convention Tripartite 2023 fir d'Maison Relais

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Konventioun, déi d'Finanzéierungszäitspan vum 1. Januar bis 31. Dezember 2023 vun der Maison Relais deckt. D'Gesamtkäschte belafen sech op 952.828 €, vun deenen 25% vun der Gemeng Reckeng op der Mess a 75% vum Bildungsministère iwwerholl ginn.



Administration communale  
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 9 février 2023, a **approuvé une modification du règlement de la circulation**, décision approuvée par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 16 février 2023 réf. cce/rc/avis/23/4823 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 22 février 2023, référence 322/23/CR.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 1<sup>er</sup> mars 2023.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**  
**Robert Leclerc, échevin**  
**Christian Tolksdorf, échevin**

### 10. Lëtzebuerger Rout Kräiz - Geneemegung vun enger Finanzéierungskonventioun

De Gemengerot geneemegt eestëmmege d'Konventioun mam Lëtzebuerger Roude Kräiz, an där d'Positiounen vun der finanzieller Gestiou vun der Maison des Jeunes festgehale ginn, besonnesch déi integral Participatioun un de Personalkäschte fir en diploméierten Educateur, deen Hallefzäit agestellt ass. Dës onbefrist Konventioun trëtt den 1. Mee 2023 a Kraaft.

### 11. Nei Fixatioun vum Verkafspräis vum lessen op Rieder

De Gemengerot geneemegt eestëmmege d'Präiserhéijung vum lessen op Rieder vun 12,62 € pro zerwéiert Molzecht, dëst ab dem 1. Abrëll 2023. D'Transportkäschte gi vun der Gemeng iwweholl.

### 12. Ännerung vum generelle Policereglement

De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmmege an enger Stëmm dogéint d'Ännerung vum generelle Policereglement vun der Gemeng Reckeng op der Mess. Et ass vun elo u verbueden, um Territoire vun der Gemeng Knupperten, Rakéiten a Feierwierkskierper ze

benotzen. Och muss een ab elo beim Besëtze vu méi wéi zwee Hënn keng speziell Geneemegung méi bei der Gemeng ufroen.

### 13. Schafung vun engem Gemengebeamteposten

De Gemengerot geneemegt eestëmmege d'Schafung vun engem Gemengebeamteposten an der Kategorie C, groupe de traitement C1, sous groupe administratif, fir d'Besoine vum Bureau de la Population.

### 13a. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuliert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Verbesserung vun der Akustik am Hall vum Centre Culturel Pëtzenhaus, de Knascht ronderëm d'Chantieren um Territoire vun der Gemeng, d'Organisatioun vum Virowend vun Nationalfeierdag an de Start vum Chantier vum ovale Kreesverkéier zu Wickreng.

### Huis-Clos-Seance:

D'Punkte 14 a 15 betreffen d'Gemengepersonal a goufen dohier an enger Huis-Clos-Seance behandelt.



Et ouschtert iwwerall! Dat ganzt Personal vun der Gemeng Reckeng op der Mess wënscht Iech schéi Feierdeeg! /  
*Salut, ça Pâques? Tout le personnel de la commune de Reckange-sur-Mess vous souhaite de joyeuses fêtes!*

06.03.2023

## Analyse d'eau potable

Nous vous invitons à découvrir ci-dessous les valeurs de notre eau potable établis le 6 mars 2023 lors d'un échantillonnage inopiné de la part de l'Administration de Gestion de l'Eau. L'échantillon en question a été prélevé au robinet des toilettes du rez-de-chaussée de la maison communale à Reckange.

N° échantillon:	<b>23-02936</b>	Date de début des analyses:	<b>01/03/2023</b>
Votre référence*:	<b>AEP-310-90</b>	Commune de Reckange-sur-Mess	<b>Reckange-sur-Mess</b>
Info complémentaire*:	<b>Mairie Reckange-sur-Mess rdch WC</b>		
Nature de l'échantillon*:	<b>eau de distribution</b>		
Prélevé le*:	<b>01/03/2023 à 09:40</b>	Prélevé par*:	<b>KLEPPER - Admin. de la Gestion de l'Eau</b>
Type d'échantillonnage*:	<b>échantillonnage sous accréditation - ponctuel</b>		
Objectif ISO 19458*:	<b>A</b>		

### PARAMETRE(S) par section

#### MESURES SUR LE TERRAIN

##### INDICATEURS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Température	#	DIN 38404-C4	<b>11.0</b>	°C		
Chlore libre	#	ISO 7393-2	<b>&lt;0.05</b>	mg/l		
Chlore total	#	ISO 7393-2	<b>0.06</b>	mg/l		
Chlore combiné	#	ISO 7393-2	<b>non réalisé</b>	mg/l		

#### MICROBIOLOGIE

##### BACTÉRIES

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Bactéries coliformes	#	ISO 9308-2	<b>&lt;1</b>	NPP/100ml	<1	
Escherichia coli	#	ISO 9308-2	<b>&lt;1</b>	NPP/100ml		<1
Entérocoques intestinaux	#	ISO 7899-2	<b>&lt;1</b>	cfu/100ml		<1
Teneur en colonies à 36°C	#	ISO 6222	<b>&lt;1</b>	cfu/ml		
Teneur en colonies à 22°C	#	ISO 6222	<b>&lt;1</b>	cfu/ml		

#### PHYSICO-CHIMIE

##### CARACTÉRISTIQUES

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Aspect		SOP 11300 (2)	<b>propre</b>			
Couleur visuelle		SOP 11300 (2)	<b>incolore</b>			
Odeur		SOP 11300 (2)	<b>inodore</b>			

##### INDICATEURS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
pH	#	ISO 10523	<b>7.6</b>		6.5-9.5	
Température (dosage pH)	#	DIN 38404-C4	<b>16.8</b>	°C		
Conductibilité électrique à 20°C	#	ISO 7888	<b>383</b>	µS/cm	<2500	
Turbidité	#	ISO 7027	<b>&lt;0.50</b>	FNU		
Dureté carbonatée	#	ISO 9963-1	<b>15</b>	d°f		
Dureté totale (calculée ISO14911)	#		<b>19</b>	d°f		

##### IONS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Chlorure dissous	#	ISO 10304-1	<b>17</b>	mg/l	<250	
Nitrate dissous	#	ISO 10304-1	<b>24</b>	mg/l		<50
Sulfate dissous	#	ISO 10304-1	<b>21</b>	mg/l	<250	
Sodium dissous	#	ISO 14911	<b>13</b>	mg/l	<200	
Potassium dissous	#	ISO 14911	<b>1.6</b>	mg/l		
Calcium dissous	#	ISO 14911	<b>68</b>	mg/l		
Magnésium dissous	#	ISO 14911	<b>4.8</b>	mg/l		

##### NUTRIMENTS

	Note	Méthode	Résultat	Unité	VG	VL
Ammonium dissous	#	ISO 7150-1	<b>&lt;0.02</b>	mg/l	<0.50	
Nitrite dissous	#	ISO 10304-1	<b>&lt;0.01</b>	mg/l		<0.50

Les résultats des analyses précédentes peuvent être consultés sur le site internet de l'Administration Communale [www.reckange.lu/environnement/analyse-deau-potable/](http://www.reckange.lu/environnement/analyse-deau-potable/)

Dësen neie Projet huet d'Zil de komplizéierten an onange-neemen Alldag vun de Reckenger Awunner vun Dippech-Gare a vun den Notzer vun der Dräikantonsstrooss (N13) ze verbesseren.

*Ce nouveau projet a pour but d'améliorer le quotidien compliqué et désagréable des habitants reckangeois à proximité de Dippach-Gare et des usagers de la route des Trois Cantons (N13).*

20.02.2023 - De Bau vum Contournement vun der Barrière vun Dippech-Gare huet ugefaangen

*20.02.2023 - La construction du contournement de la barrière de Dippach-Gare a commencé*

► **Hei drënner kënt Dir d'Schlësselementer entdecken**

De Bau vum Contournement vun Dippech-Gare fënnt am Kader vun den Aarbechte statt, déi d'Eisebunn tëschent Péteng a Lëtzebuerg duebelgleiseg gemaach hunn (dës Aarbechten hu vun 2004 bis 2012 gedauert) a wäert de Bunnwüergang PN5 op der N13 strächen. Dëse Bau ass eng Zesummenaarbecht tëschent de Ponts & Chaussées an der CFL.

**Haupt Ziler**

- D'Liewensqualitéit vun den Awunner an d'Verkéierfluxe verbesseren.
- d'Gefor, déi duerch d'Kräizung vu Stroossen-a Schinnentransport entsteet, maximal reduzéieren.

**Haaptelementer**

- Eng Contournements-Streck vun 2,2 km
- Een Tunnel vun 125 m Längt
- Eng Spuer, déi fir Agrarween reservéiert ass
- Zweek Kreesverkéier
- Eng Kräizung an T-Form
- Eng Passerelle fir déi douce Mobilitéit
- De Bau vu Vëlosweeër
- D'Astandsetzung vun den Landwirtschaftsweeër

► **Nous vous invitons à en découvrir les éléments-clé**

*Le contournement de Dippach-Gare s'inscrit dans le cadre du projet de mise à deux voies de la ligne de chemin de fer Pétange-Luxembourg (travaux réalisés dans la période de 2004-2012) et a pour objectif de supprimer le passage à niveau PN5 sur la route N13. Il s'agit d'un projet commun de l'Administration des ponts et chaussées et la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois.*

**Principaux objectifs**

- améliorer la qualité de vie des riverains ainsi que les flux de circulation
- réduire au maximum les dangers liés au croisement entre le trafic routier et ferroviaire.

**Principaux éléments**

- Route de contournement d'une longueur de 2,2 km
- Tunnel d'une longueur de 125 m
- Passage supérieur agricole
- Deux carrefours à sens giratoire
- Un carrefour en T
- Une passerelle pour la mobilité douce
- Construction de pistes cyclables
- Rétablissement de voies agricoles



All Dag fuere méi wéi 8.000 Gefirer iwwert de Bunnwüergang vun Dippech-Gare.

**8.000**

*Chaque jour, plus de 8.000 véhicules traversent le passage à niveau de Dippach-Gare.*

D'Käschte vun den sech op 29,8 M

**29.80**

*Les coûts de s'élèvent à 29,8*

De Kreesverkéier, deen Zougang zum Duerfkär vu Betteng op der Mess gëtt, an d'Cité Op der Haard an Dippech, iwwert dem Tunnel, deen direkt erëm op d'Dräikantonsstrooss féiert, sou dass ee vun do aus virun op Dippech a Schuller fuere kann.

*Le giratoire, donnant accès au centre du village de Bettange-sur-Mess, au Domaine Op der Haard et à Dippach, au-dessus du tunnel, menant directement à la route des Trois Cantons, permettant ainsi de continuer la route vers Dippach et Schouweiler et aussi le retour vers le passage à niveau.*



De Kreesverkéier just virun der Rue de Russange, mat Accès op de Contournement an d'Dräikantonsstrooss.

Dir hutt se gesinn, déi gefällte Beem laanscht d'Dräikantonsstrooss ... et handelt sech ëm ee Beispill vu villen dat beleet, dass e Chantier vun dëser Gréisst net ka realiséiert ginn, ouni Afloss op d'Ëmwelt, d'Fauna an d'Flora ze hunn. An enker Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère hu mir Kompensatiounsmaassnamen en Place gesat, déi d'Aartevillfalt ënnerstëtzen, sou dass mir der Natur e bëssi vun deem kënnen zeréck ginn, wat hir gehéiert:

